N°449
Entrée le 23.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, a vum Minister fir d'Fonction publique, Serge Wilmes, op d'parlamentaresch Fro n° 449 vum 8. Mäerz 2024 vun den éierbaren Deputéierte Sven Clement a Ben Polidori iwwert d'Prime de risque beim Staat**

1. No wéi enge Krittäre ginn dës Prime de risque an der Fonction publique jeeweils festgeluecht a wéi vill verschidde Niveau de risque ginn et?

Esou wéi den Artikel 22 aus dem Gesetz vum 16. Abrëll 1979 et virschreift (*loi du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État*), ginn all Elementer aus de Gehälter, zu deenen och déi divers Primme gehéieren, duerch e Gesetz festgehalen : *« En dehors de son traitement, aucune rémunération n'est accordée à un fonctionnaire, sauf dans les cas spécialement prévus par les lois »*.

2. Wéi eng Posten an der Fonction publique si fir wéi eng Prime de risques eligibel?

Eng Etude vum 27. Oktober 2022 vum Ministère fir d'Fonction publique, déi och op dem Portail vun der Fonction publique fir all Bierger zougänglech ass, mécht de Bilan iwwert all accessoire de traitement aus dem ëffentlechen Déngscht (« ***Les accessoires de la rémunération dans la Fonction publique de l'État*** »). Am follgenden Tableau sinn déi verschidde Primes de risque beim Staat opgelëscht.

| | | |
|---|---|---|
| Prime de risque (Centre de rétention) | 20 p.i. | Fonctionnaires/Employés/Salariés |
| Prime de risque (mesures d'éloignement du territoire) | 10 p.i. | Fonctionnaires/Employés |
| Prime de risque (préposés de la nature et des forêts) | 10 p.i. | Fonctionnaires |
| Prime de risque (Service de renseignement de l'État) | 20 p.i. | Fonctionnaires/Employés |
| Prime de risque agents des centres pénitentiaires | 20 p.i. | Fonctionnaires/Employés/Salariés |
| Prime de risque des agents du service central d'assistance sociale (SCAS) | 20 p.i. | Fonctionnaires/Employés/Salariés |
| Prime de risque des douaniers | 10 p.i. | Fonctionnaires |
| Prime de risque du personnel de l'unité de sécurité du centre socio-éducatif de l'État | 20 p.i. | Fonctionnaires/Employés/Salariés |

3. Wéi ass et zu dëser Reegelung bei der Douane komm, no där all Douanier déi selwecht Prime de risque kritt, obwuel net fir all Douanier dee selwechte Risiko am Beruffsalldag besteet?

D'Prime de risque fir Douaniere gëtt op Basis vum Artikel 12 aus dem modifizéierte Gesetz vum 27. Juli 1993 iwwer d'Organisatioun vun der Douanes- an Akziseverwaltung applizéiert.

An deem Artikel ass Follgendes festgehalen :

"*Art. 12. Une prime de risque non pensionnable de dix points indiciaires est allouée aux douaniers assumant une fonction comportant :*

- *des attributions de police administrative et judiciaire*
- *le contrôle aux frontières extérieures et assimilées*
- *le contrôle sur place présentant des risques particuliers*
- *le maniement de fonds*
- *la coordination des relations avec les forces de l'ordre.*"

Lëtzebuerg, den 23. Abrëll 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth